N°2078
Entrée le 12.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

D'Problematik vun de virtuellen IBAN-Konten (vIBAN) an hirem Mëssbrauch duerch Krypto-Scammer, déi op Reporter.lu opgegraff gouf, ass alarmant. Wéi beschriwwen, ginn dës vIBANen dacks vu Bedrugsrésauen benotzt fir Zougang zu de Finanzsystemer ze kréien a Beträg ze verschleieren. D'Finanzopsiicht CSSF confirméiert, datt si "keng direkt Iwwersiicht iwwer d'Zuel un virtuellen IBANs, déi sech zu Lëtzebuerg am Ëmlaf befannen" huet, well se bis elo net ënnert d'Gesetz zum zentralen Konteregister falen.

D'EU-Anti-Geldwäscherichtlinn 2024/1640 (AMLD6) gesäit wichteg Ännerungen an dësem Beräich vir, déi et den Autoritéiten erlaben, besser ze kontrolléieren a géint de Mëssbrauch virzegoen. Laut Artikel 74, 11, 12, 13, 15 an 18 sollen dës Moossnamen zu ënnerschiddlechen Zäitpunkten tëschent dem 10. Juli 2025 an dem 10. Juli 2029 ëmgesat ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéini plangt d'Regierung déi eenzel Elementer vun der AMLD6-Direktiv (2024/1640) an nationaalt Recht ëmzesetzen, besonnesch den Artikel 74 (bis Juli 2025), d'Artikelen 11, 12, 13 a 15 (bis Juli 2026) an den Artikel 18 (bis Juli 2029)?

2. Wéi eng konkret Moossnamen huet d'Regierung virgesinn, fir eng besser Kontroll iwwer virtuell IBAN-Konten ze kréien an domat de Mëssbrauch fir Geldwäsch a Bedruch ze bekämpfen, ier déi komplett Ëmsetzung vun der Direktiv erfollegt?

3. Wéi vill verdächteg Transaktioune mat virtuellen IBANs goufen an de leschte Jore bei der CRF (Cellule du renseignement financier) gemellt, an huet d'Regierung Informatiounen iwwer den Ëmfang vu Bedruchsfäll zu Lëtzebuerg?

4. Gëtt et schonn eng Aarbechtsgrupp, déi sech mat der Ëmsetzung vun der AMLD6 befaasst, a falls jo, wéi eng Acteuren si do mat agebonnen?

5. Wéi plangt d'Regierung, d'Bedeitung vun der Finanzplaz Lëtzebuerg ze schützen andeems se sécherstellt, datt de Mëssbrauch vu Lëtzebuerger Bankenimm duerch Onéierlecher effektiv bekämpft gëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten